Syvicol

# Diskussiounsbedarf beim Aménagement communal

François Aulner | Update: 17.12.2024 13:29




**Weider goung et am Comité vum Syvicol och nach ëm de Congé poltique.**

De Comité vum Syvicol huet sech e Méindeg an der Haaptsaach mam Gesetzprojet beschäftegt, mat deem de *Remembrement ministériel* soll agefouert ginn. D'Gemengevertrieder ware sech all Eens, datt d’Iddi vum Projet gutt wier, nämlech z’ënnerbannen, datt een oder zwee Proprietäre vun engem Terrain e ganze Bauprojet kéinte blockéieren, esou wéi dat haut kann de Fall sinn. Allerdéngs huet de Syvicol kritiséiert, datt an der Phas vum Remembrement, an där eng Enquête gemaach gëtt, d’Gemengen net mat agebonne wieren. Den Emile Eicher sot, d’Gemenge sollen op d’mannst och kënnen en Avis ofginn. Aner Membere vum Syvicol hunn d’Fro opgeworf, ob d’Gemengenautonomie net a Fro gestallt wier, respektiv ob de *Remembrement ministériel* konform wier mat der Verfassung.

Allgemeng war et de Constat, datt de Gesetzprojet vill Theorie wier an ee sech d'Praxis awer manner gutt kéint virstellen. De Syvicol wëll nach den Avis vun Techniker dowéinst héieren.

De Gemengesyndikat wëll iwweregens och Ännerungen am Beräich vum Bau vun abordabele Wunnengen. Déi aktuell staatlech Kompensatioune géingen net duergoen an d'Gemenge reegelrecht decouragéieren. De Syvicol wäert an den nächsten Deeg a Wochen d'Gemengen opruffen, hir Remarke matzedeelen, déi een da mat der Regierung wéilt diskutéieren.

**Gemengepolitiker sinn, dat muss ee gär maachen**

De Statut vum *Élu local*, vum Gemengepolitiker also, stoung och op der Dagesuerdnung vum Comité vum Syvicol. Dem Emile Eicher no wier scho vill gemaach ginn an de leschte Joren um Niveau vum Congé politique, also déi Zäit, déi den Employeur engem Gewielte gëtt, fir sech ëm d'Gemengenaarbecht ze këmmeren. Allerdéngs kloen d''ertrieder vu klenge Gemengen, oder besser gesot vu grousse Gemenge mat wéineg Awunner, datt se "net manner Aarbecht hunn", ewéi d'Politiker a Gemenge mat vill Awunner.

*"Et happert ëmmer um Congé politique*", esou d'Annie Nickels-Theis, Buergermeeschtesch vu Buerschent. An enger grousser Gemeng, do hätt ee vill Beamten, an et kéint ee Saachen delegéieren oder anescht opdeelen. De Paul Engel, Buergermeeschter vu Groussbus-Wal, deen huet nach Chance, datt hien duerch d'Fusioun vu béide Gemengen dräi Deeg Zäit huet, fir seng kommunal Aarbecht. Allerdéngs gëtt hien ze bedenken, datt e Buergermeeschter net just administrativ Aarbecht huet, mä och permanent um Terrain misst sinn an de Bierger zur Verfügung stoen. Hien huet awer och betount, datt ee Politik jo mécht, well ee seng Leit, seng Regioun gär hätt.

Béid Politiker froen also méi Zäit, och fir d'Schäffen- a Gemengeconseillèren. Aner Membere vum Syvicol hunn och Problemer higewisen, ewéi d'finanziell Entschiedegunge fir Independanten, déi an der lokaler Politik aktiv wieren, oder nach wat de Schutz ugeet fir lokal Politiker, wann hinnen eppes geschitt.